Dominique POTT-THOMAS

Alter beim Hirschlag : Mat 24 am Joer 2013.
Schwangerschaftsvergëftung an ech hunn eng Gehirbluddung gemaach an de Puppelchen, de Jim, ass gestuerwen.

Famill : Mäi Mann, de Marc an onse Bébé,
den dësen Oktober op t'Welt kënnt.

Beruff : Photographin.

Wat konnt ech net méi :
Ech konnt net méi schwätzen, an iwwerhaapt keng Friemsprooche méi. Ech war rietssäiteg gelähmt an dofir déi eischt Zäit mat engem Rollstull ënnerwee.

Wat kann ech erëm :
Elo kann ech erëm schwätzen, awer méi lues wéi soss. Goe kann ech och erëm, dofir awer net méi lafen oder méi seier goen. Ech kann elo mäi rietsen Arm beweegen, awer dofir feelt mir d'Motorik an der Hand.

Wat hunn ech duerch den Hireschlag verluer :
Als Dänzerin hunn ech d'Freed vum Danzen verluer. Wanderen oder ähnlech Saache kann ech och net méi wéi virdun.

Wat hunn ech duerch den Hireschlag gewonnen :
Gewonn hunn ech, dass ech wees, dass meng Famill voll a ganz hannert mir steet, an dass ech dee beschte Mann bestuet hunn, deen et fir mech gëtt. Och meng Frënn waren a sinn ëmmer fir mech do. A menger Zäit an der Klinik an an der Reha, hunn ech och Leit kennengeléiert, deenen ech soss ni begéint wier.

Bilan :
Ech wënschen ech hätt déi ganz Leit léiwer op enger anerer Plaz an duerch en anere Grond kennengeléiert. Näischt bréngt mir eise verstuerwene Jong zréck...awer trotzdem muss een ëmmer no vir kucken. Egal wéi schwéier et heiansdo ass. Genéisst all Sekonn vun ärem Liewen, well et kann all Moment dee leschten sinn.

Âge au moment de l'AVC : À l'âge de 24 ans en 2013.
J'ai souffert d'une toxémie gravidique et j'ai fait un AVC avec la conséquence que notre bébé Jim est décédé.

Famille : Mon mari Marc et notre bébé qui va naître au mois d'octobre

Profession : Photographe

Ce que je ne savais plus faire :
Je ne savais plus parler et de toute façon toutes les langues étrangéres étaient effacées. J'étais paralysée du côté droit et donc je me déplaçais les premiers temps en chaise roulante.

Ce que j'ai récupéré :
Maintenant j'ai réappris à parler, mais plus lentement qu'auparavent. Je sais même marcher, mais plus courir ou marcher à grande vitesse. Je sais à bouger mon bras droit, mais c'est la motricité de la main droite qui me fait défaut.

Ce que j'ai perdu à la suite de mon AVC :
En tant que danseuse, c'est la joie de la danse que je n'éprouve plus. Pareillement pour les plaisirs de la randonnée ou assimilable.

Ce que j'ai gagné à la suite de l'AVC :
J'ai gagné la conviction que ma famille me soutient à 100% et la certitude d'avoir épousé le meilleur des maris. Pareil pour mes amis : ils étaient et sont disponibles à chaque moment. Lors de mon séjour en clinique et au Rheazenter j'ai fait la connaissance de nombreuses personnes que je n'aurais jamais rencontrées dans d'autres circonstances.

Bilan :
Je souhaiterais d'avoir rencontré toutes ces personnes dans d'autres endroits et dans d'autres circonstances. Rien ne saurait remplacer notre fils disparu...mais il faut toujours regarder vers l'avenir, peu importe la difficulté du moment. Savourez chaque instant de votre vie, car chaque moment peut être le dernier.

BLËTZ a.s.b.l.

BLËTZ a.s.b.l.
Association luxembourgeoise pour personnes concernées par un accident vasculaire cérébral

BLËTZ a.s.b.l. • 68 rue du Château, L-3217 Bettembourg
Tél.: 621 88 00 88 • info@bletz.lu • www.bletz.lu